**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

| Info-Box | |
|---|---|
| Bestell-Nummer: | 13023LU |
| Sprooch: | Lëtzebuergesch |
| Kaméidistéck: | 3 Akte |
| Bünebiller: | 1 - Appartement |
| Spilldauer: | +/- 130 Min. |
| Rollen: | 10 |
| Fraen: | 6 |
| Männer: | 4 |
| Statisten | 10 |
| Rollensatz: | 11 Hefte |
| Preis Rollensatz | 152,00€ |
| Aufführungsgebühr pro Aufführung: 10% der Einnahmen mindestens jedoch 85,00€ | |

**13023LU**

# Wann aus Päifen Helde ginn

(Kaméidistéck an 3 Akten)

vum

**Helmut Schmidt**

iwwersat vum

**Jos Weimerskirch**

**Inhalt:**
Di 2 Kolleegen Fabien Aschmann an den Denis Hartert sinn zënter zwee Joer Locataire an enger 2 Zëmmerwunneng beim Thekla an Willy Meyer. D'Koppel Meyer hat viru Joren vill Geld an d'Renovatioun vun hirem Haus gestach, a well béiden hir Rent knapps duer geet fir de Prêt ze bezuelen a fir ze liewen hu si hiren 1te Stack verlount.
De Fabien huet bis ewell ëmmer derfir gesuergt, dass si all Mount hire Loyer krut hunn, och nodeem hien arbeitslos ginn ass. Den Denis huet d'Aarbecht net grad erfonnt an hofft als Influencer am world-wide-web den Duerchbroch ze maachen. Hien lieft op d'Käschten vum Fabien mee no 18 Méint Chômage kritt hien kee Geld méi. Wat elo? Eng Demande fir de Revis maachen? Mam Loyer si se schonn hannendran an et kommen ëmmer méi Rappeller vun de Rechnungen. D'Koppel Meyer huet hinnen en Ultimatum gesat. Sollte se net an deenen nächsten 7 Deeg eng Aarbecht opweisen oder de Rescht vun der Loyerschold bezuelen, da wëllen di 2 hinne fristlos kënnegen. De Fabien huet eng Iddie. Si bidden en Begleet- an Escortservice un. D'Offer gëtt séier ugeholl mee kee vun deenen 2 hätt erwaart, dass et och Leit ginn déi gäre méi hätten wéi just e feint Gespréich, e gemeinsaamt lessen oder eng Massage. Hir Proprietairë kréien vun deem Dreiwen am Haus eppes mat a béid sinn entsat. Mee dann ass den Dag vun der gëllenen Hochzäit vun de Meyer an um Rez-de-chaussée gëtt et eng Waasserfuite.
Elo brauchen d'Thekla an den Willy den ieweschte Stack a se froen alle béid ëm hir Hëllef. An DÉI kréien se och vum Fabien a vum Demy. A wéi!
An op eemol ginn fir d'Meyer aus Paifen Helden.
An dann ass do och nach d'Léift ....

**Rollen** **10** Rollen (6w/4m, Statisten 10)
**Spillzäit** ca. 140 Minutten
**1 Bünebild (mat Ännerungen)**

- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -
Leseprobe Verlagsverband

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

**Rollen an Asäz**

| Persounen | Beschreiwung |
|---|---|
| Fabien Aschmann | Locataire, am Chômage |
| Demy Hartert | Locataire, Influencer |
| Thekla Meyer | Proprietaire, Fra vum Hans Gert mat deem et di gëllen Hochzäit feiert |
| Willy Meyer | Proprietaire, Mann vum Thekla mat der hien di gëllen Hochzäit feiert |
| Jennifer Boden | Frëndin vum Fabien |
| Hélène Boden | dem Jennifer seng Mamm |
| Carole Meyer | d'Meedchen vum Thekla a vum Willy |
| Dr. Tom Bock | dem Lisa säin Ex-mann |
| Tessy Fischer | naiv Cliente |
| Lisa Hack-Bock | duerchdriwwen Cliente |

**Nimm déi och nach virkommen**

| |
|---|
| Jean- Michel Boden |
| Léon Unsen |
| Rosa |
| Sylvie Molitor |
| Madame Haas |
| Jang (dem Tessy säi Frënd) |
| Sandy (Aarbechtskolleegin vum Tessy) |
| Elise Kremer |
| Tatta Doris |
| Armand (dem Sandy säi Frënd) |

**Bünebild:**
D'Bünebild weist am Akt 1 en Appartement mat Dësch. Canapé an 1 oder 2 Fautelen, e klenge Schaf, e puer Biller e Kalenner bei der Mauer. Iergendzwousch de Radiorecoder o ä.. Falls eng Fënster benotzt gëtt stinn Blummen op der Fënsterbänk di richteg verdréchent ausgesinn. Et féiert eng Dier no hannen an de Gank a vun do aus en Dier* weider an d'Trapenhaus, am Raum ass eng Dier riets déi an d'Schlofkummer féiert. Duerch déi Dier kënnt een och an d'Kichen resp. an d'Buedzëmmer D'Decoratioun (Ridoen, Biller, etc.) an der Wunneng ännert ab dem 2ten Akt de Raum bleift dee selwechten. (* muss net sinn)

**Zäit:**
Spillt zu der haiteger Zäit

Leseprobe Verlagsverband

- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

## Akt 1

### Szeen 1 - Demy, Fabien

**Fabien:** *(kënnt mat enger Akafstut déi net bis uewe voll ass vun hannen eran ausserdeem huet en e décke Grapp Extraite vun der Bank am Grapp. Säi Gesiichtsausdrock ass alles anescht wéi glécklech)*

**Demy:** *(wéi de Fabien erakënnt liicht euphoresch)* O, do bass de nees. An hues de alles kaf? Och meng Zigaretten?

**Fabien:** *(geheit d'Akafstut salopp bei en a léisst sech an Fotell "falen" a "gehait" d'Extraiten op den Dësch)* Kolleeg, vergiess deng Zigaretten. Et ass alles fir ze katzen. *(reift sech d'Gesiicht)*

**Demy:** Hä Fabien wat ass lass? *(gräift no der Tut an hellt en 2er Pak Toilettëpabeier an Toastbrout eraus)* Toastbrout an Toilettëpabeier? Wou sinn dann di aner Saachen?

**Fabien:** Ironesch déi si sécher nach am Buttek.

**Demy:** Solle maer Toilettëpabeier op eisen Toast leeën? Dat ass e bëssen dréchen, mengs de net och? Wat ass mat Kaffi, Kéis, Zoossiss a Nutella. Has de den Akafsziedel vergiess? A virun allem. Wou si meng Zigaretten? A wat schwätz de do "fir ze katzen"?

**Fabien:** *(liicht rosen)* Wat fir ze Katzen ass wëlls de wëssen? Dat ass e bësse bëlleg, mengs de net och? Wa just nach 5 Euro a mengem Portmonnie sinn, eng Bancomatskaart an der Kees net akzeptéiert gëtt, ech di aner Saachen am Buttek muss loossen, a jiddereen an der Schlaang deen hannert mer stoung mech kuckt an d'Ae verdréint. Mengs de net dat wier fir ze Katzen

**Demy:** Oh.

**Fabien:** A wann ech duerno op d'Bank an de Bancomat ginn, an DO meng Kaart agezu gëtt, dann ass dat NACH méi fir ze Katzen.

**Demy:** OH.

**Fabien:** Jo genau. OH!

**Demy:** Hmmm ... dat heescht... däi Konto ass eidel?

**Fabien:** Net nëmmen dat, scho mat 1.200 € iwwerzunn. Ech ka just 1.000 Euro an de Keller goen. Ech ka Merci soen, dass d'Bank bis ewell näischt vu mengem Chômage weess, soss hätt ech déi Méiglechkeet scho laang net méi.

**Demy:** Dat ass eng Mëscht. *(iwwerleet kuerz, da stolz)* Maer hunn nach eng Këscht mat Vidange an der Kichen, a plastiks Fläschen déi een an Däitschland zeréck gi kann, Ech hunn déi an de leschten Deeg gesammelt. Ech hunn op der anerer Säit iwwer 30 Poubellen duerchsicht, do ass sou munnech 25 Cent Fläsch derbäi. Do kommen mat Sécherheet 4 bis 5 Euro zesummen.

**Fabien:** Demy, dat bréngt eis och net weider. Et ass jo gudd, dass du déi sammels, mee domadder komme maer net weider.

Leseprobe: Verlagsverband

- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

**Demy:** Okay, A wéi sou hues du kee Geld méi um Kont?

**Fabien:** Ma. Well ech ... ech hu net dru geduecht, dass alles seng Zäit huet. Wärend 11 Joer war ech bei Wegener an Associé agestallt, duerno sinn ech viru bal 1 Joer entlooss ginn. Ech konnt wärend 12 Méint Chômagegeld kréien.

**Demy:** Jo an dovunner hu maer beschtens gelieft.

**Fabien:** Jo dat hu maer. Mee ech hu vergiess, dass ech zënter 15 Méint kee nei Patron hunn.

**Demy:** Dat heescht, du kriss kee Chômage méi ausbezuelt.

**Fabien:** Nee zënter 3 Méint net méi. Ech hunn dat guer net gemierkt. Ech hunn no Éiwegkeeten emol nees meng Extraite vun der Bank erausdrécke gelooss (*wéisst drop*) - IR meng Kaart dunn agezu gouf.

**Demy:** Merde, an elo? Wat kënnt da nach nom Chômage? REVIS, gell? Solls du deen net ufroen?

**Fabien:** *(këmmt a steet op)* Demy, esou kann et net weidergoen. Ech hu keng Loscht méi op esou e Liewen.an och net op de Revis.

**Demy:** A WAT soll dat heeschen? Maer brauchen dach Geld.

**Fabien:** Jo genau MAER brauche Geld, DU och! Maer sinn 2 gudd Kolleegen a wunnen schonn zënter 3 Joer zesummen, um 1te Stack, an der Wunneng vun der Famill Meyer.

**Demy:** Jo an et ass jo och flott hei.

**Fabien:** Ech hu mech deemools grad vum Rita getrennt a wollt aus eiser gemeinsamer Wunneng eraus. DU waars grad bei dengen Elteren aus dem Haus gehäit ginn. Sou ass et derzou komm, dass maer zesummen dës Wunneng gelount hunn.

**Demy:** Se ass e bësse keng, mee ech fille mech wuel dran.

**Fabien:** Jo okay, dat ass jo och bis ewell alles an der Rei. Mee Tatsaach ass, ESOU geet et hei net weider. Maer musse nees schaffen. DU och. Iergendzwousch muss d'Geld jo hierkommen.
A ganz éierlech Demy, ech gesi net an fir wat s du der elo schonn zënter bal 2 Joer e schéint Liewen op meng Käschte méchs. Du muss och endlech emol eppes derzou bäidroen, dass emol nees eppes am Frigo ass

**Demy:** Mee ech hunn elo schonn 26 Videoe vu maer op You Tube, Insta, X an Tiktok. A bei Youtube hunn ech mëttlerweil 386 Follower. Ech si geschwënn e Star – mengen ech.

**Fabien:** *(ironesch)* 386 Follower. Wow, Dat ass krass. Has du déi net scho viru 3 Méint. Demy, deng Iddie fir als Influencer durchzestarten an domadder Geld ze verdéngen dat ass näischt, du méchs Clippen wéi een Neel an d'Mauer klappt oder e Lach mat enger Buermaschinne buert. Wann ee net grad 2 lénkser Hänn huet oder ganz plemmplemm ass, brauch een déi net. Dat weess och all Mënsch OUNI déng Videoen.

**Demy:** Mee wann ech bis méi Follower hunn ...

Leseprobe: Verlagsverband

- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

**Fabien:** ... ech mengen, dann ass et och domadder schwéier Geld ze verdéngen maer brauchen alle béid eng ganz normal Aarbechtsplaz. Allez looss eis direkt derno sichen *(hëllt säin Handy eraus a sicht um Internet, hëllt dem Demy säin Handy vum Dësch a geheit him en zou)* Allez gëff jobs.lu an an dann eist Duerf an di nächste Stad. Ëmkrees vun 20 km oder esou. A sich nëmme no Ganzdaagsplazen. Soss verdénge maer net genuch.

**Demy:** Wierklech. Mengs du elo, dass maer schaffe mussen ECH och? Esou richteg? All Dag, an dann mat Beweegung an esou?

**Fabien:** Jo dat mengen ech, du Faulpelz. Et gëtt Zäit, dass maer emol nees dat richtegt Liewe kenne léieren. Allez maach elo.

**Demy:** (*net begeeschtert "schafft" op sengem Apparat)* Jo, ech si jo schonn an Gang (*no enger klenge Paus)* Hei. E Liewensmëttelgrosist sicht Gabelstapeler 49 89 ...

**Fabien:** Demy ass dat nobäi?

**Demy:** Jo, zu Leideleng

**Fabien:** A wou wunne maer?

**Demy:** Zu Stengefort.

**Fabien:** Dat sinn?

**Demy:** *(virsichteg)* 20 km?

**Fabien:** Méi wéi dat - an huet Du en Auto?

**Demy:** Nee.

**Fabien:** Gëtt et do all Dag eng Busverbindung vun Stengefort op Leideleng oder wëlls du all moien mat op Klengbetten fir dann mam Zuch an Stad an da mat engem Bus weider op Leideleng?

**Demy:** Nee. Okay. Du hues recht

**Fabien:** Hues du e Führerschäin fir mam Clark?

**Demy:** Net esou wierklech

**Fabien:** Mécht et also de Sënn sech iwwert déi Annonce Gedanken ze maachen?

**Demy:** Lo wou s du et sees, am Fong net.

**Fabien:** Also! Nach Froen?

**Demy:** Jo et ass jo scho gudd, du ale Granzsack. *(e bëssen enttäuscht, sicht weider)*

**Fabien:** *(sicht och, dann no enger kuerzer Paus)* Hei eng Werbeagentur sicht no Models, männlecher a weiblecher bis 25 Joer a verschiddene Beräicher. Schéckt aer aussokäfteg Ënnerlagen mat Foto un ....

**Demy:** *(ënnerbrécht en)* Fabien?

Leseprobe: Verlagsverband

- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

**Fabien:** Jaaa?

**Demy:** Wou ass dat?

**Fabien:** Zu Beetebuerg

**Demy:** Beetebuerg? Hues Du en Auto?

**Fabien:** Net méi:

**Demy:** Du bass och schonn méi al wéi 25

**Fabien:** E bësse méi.

**Demy:** *(hëlt Loft a wëll eppes do derzou soen)* An...

**Fabien:** A wanns de elo och nach do derzou sees, dass ech elle sinn, fett an onattraktiv, dann hues du emol eng Kéier hei mat maer gewunnt.

**Demy:** Dat has de elo selwer gesot.

**Fabien:** Et wäert jo sécher och seriös Plaze fir eis ginn. Iergendeppes wat fair bezuelt gëtt a wat maer och maache kënnen. Virun allem DU – Ouni Ausbildung.

**Demy:** Wat ass mam Jennifer? Kann dat eis net hëllefen. Du bass dach scho bal 3 Méint mat him zesummen.

**Fabien:** Hal nëmmen op. Du weess dach ganz genau, dass vun eiser Bezéiung keen eppes wëssen däerf. Hir sech besser fillent Mamm flippt aus wann déi gewuer gëtt, dass ech mam Jennifer zesumme sinn. *(dann melancholesch)* An op dat iwwerhaapt nach laang gudd goe soll?

**Demy:** Wat mengs de?

**Fabien:** Ech ka jo dem Jennifer sougudd wéi näischt bidden. Wat fir eng jonk Fra mécht op Dauer esou eppes mat?. Si kann dach jiddereen hunn dem et besser geet wéi maer. Wa maer an de Kino oder Iessen ginn, bezilt si meeschtens.

**Demy:** Dat ass dach cool.

**Fabien:** Ass et NET *(kuerz Paus)* Demy, ech hunn es sat. Ech haassen di Bud hei. Ech kréie Platzangscht. Ech hätt gären eng schéin grouss Wunneng mat Gaart a géif do gären zesummen mam Jennifer wunnen, an d'Vakanz fueren an sech och emol nees eppes leeschte kënnen. Partien maachen. Einfach alles. Mee hei, ... hei  ass alles fir ze katzen.

**Demy:** *(virsichteg)* Sinn ech dat och?

**Fabien:** Wat? Äh nee. Du bass plomb, e bëssen domm, e faule Lidderhanes an heiansdo net fir auszehalen. Mee ouni dech wier ech hei aleng an och net glécklech.

**Demy:** *(ironesch )* Ma villmools merci.

**Fabien:** Maer brauchen Aarbecht. Well ... am Lotto gewanne maer sécher och net.

**Demy:** TOTAL onwarscheinlech - wann een dees iwwerhaapt net spillt.

Leseprobe: Verlagsverband

- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

**Fabien:** *(kuckt op seng Auer)* D'Jennifer soll all Moment laanscht kommen. Maer erzielen him alles. Villäicht huet et eppes fir eis, wéinstens eng gudd Iddie *(et schellt)* Wann ee vum Däiwel schwäerzt *(geet no hannen a mech d'Dier zum Gank op)*

**Szeen 2 - Fabien, Demy, Thekla, Willy**

**Thekla:** *(waart net laang bis een et erarifft a kënnt direkt eran, si ass al moudesch gekleet an huet Extraiten an der Hand)*, Moien dir Haeren *(kuckt hannert sech op d'Dier)* Willy! Wou bleifs de nees?!

**Willy:** *(dee nach dobaussen am Gank ass, kënnt lues eran)* Jo, Jo. Thekla, ech si jo schonn hei *(stellt sech niewent Thekla an ass och al moudesch ugedoe)*

**Demy:** *(erféiert, steet séier op)* Madame Meyer ... HAER Meyer *(gestalt frëndlech)* Wat fir eng Iwwerraschung. Daer hei – hei bei eis?

**Fabien:** *(huet d'Entrée a Wunnengsdier zougemaach a kënnt schëtzeg zeréck)* Hähä ... gudde Moien. AECH hu maer jo elo guer net erwaart. Schéin, dass der eis besiche kommt. Sou ganz onugemellt.

**Thekla:** Jo, mer kommen esou "à l'improviste". Wësst der maer si gedëlleg. Mee elo geet et duer. An elo soen ech Aech eppes: Dat ass EIST Haus! Gell, Willy?

**Willy:** EIST Haus. Richteg Thekla.

**Thekla:** Daer lount just di Zëmmer iwwer eis. Gell Willy?

**Willy:** Iwwer eis. Richteg Thekla.

**Fabien:** *(méi zu sech selwer)* Oh nee. .... , wéi wann ech maer dat net schonn erwaart hätt. *(dann)* Kuckt emol, hei leien meng Extraiten. Ech hu se virdrun geholl. Eppes wat ech schonn zënter Méint net méi gemaach hunn.

**Thekla:** Ech muss soen, dat ass noléisseg. Gell Willy?

**Willy:** Jo, richteg noléisseg Thekla.

**Thekla:** *(wedelt mat den Extraiten)* A wësst der wat dat heiten ass?? Dat heite sinn d'Extraite vun eisem Kont vun deene leschten 3 Méit, a wéi Daer gesitt meng léif Haeren ass do näischt drop komm, op mannst kee Loyer vun Aech an dee soll all leschte Quartal vum Mount iwwerwise ginn. Gell Willy?

**Willy:** Kee Loyer, richteg Thekla.

**Fabien**: Dat ass wierklech net express geschitt, dass maer di lescht 3 Méint kee Loyer bezuelt hunn. T'ass just esou, dass ech zënter 12 Wochen kee Chômage méi kréien, an do huet d'Bank sécher kee Loyer méi iwwerwisen. Wéi gesot, dat deet eis wierklech Leed, an ass net mat Absicht geschidd

**Thekla:** JOOOO. Mee vun aerem Leet dunn, kënne mer eis näischt kafen MAER hu jo schliisslech och eis Verpflichtungen. Fir dee groussen Ëmbau hei viru Joren, hu mar e Prêt opgeholl, a mussen dofir all Mount en héijen Remboursement bezuelen.

**Fabien:** Jo dat versti maer.

- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -

Leseprobe: Verlagsverband

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

**Thekla:** Mat eiser klenger Rent wëll ech emol guer net ufänken, An do derzou kënnt och nach, dass de Willy an ech di nächst Woch eis gëllen Hochzäit hunn. DEI huet ee just eemol am Liewen an déi soll och gefeiert ginn

**Demy:** Kloer. Da soll der och. Kräfteg feieren.

**Thekla:** Hu der eng Anung wat esou e Fest kascht? An? An e puer nei Kleeder brauche maer dofir natierlech och. De Willy ka villäicht nach säi Kommunionskostüm undoen, mee ech.... dat Kleed wat ech maer erausgesicht hunn hascht 598 Euro. Mee wat erzielen ech Aech do eigentlech? Dat geet Aech guer näischt un. Gell Willy?? Ma da so dach och emol eppes. Muss ech dann ëmmer alles aleng reegelen?

**Willy:** Aleng reegelen, richteg Thekla. Also... jo wann ECH eppes do derzou soe kann... pass emol gudd op: (hëlt Loft)

**Thekla***:(schwätzt him dertëscht)* Willy, lo sief emol roueg - Meng Haeren, Daer lount hei EIS Zëmmeren a MAER gesi kee Geld. Solle mer erhéngeren, just well der aerem Engagement net nokommt? Maer iessen owes scho guer net méi waarm a ginn eis mat enger Schmier zefridden. An dat ass AER Schold.

**Demy:** Maer hunn mol net heiansdo eng Schmier. A wann ech Aech esou kucken Madame Meyer ... Ech mengen fir Aer Hëft, do geet eng Schmier duer.

**Thekla:** Wat? (*kuckt fir d'Éischt skeptesch op hir Hëften a reagéiert duerno eréischt op dat wat si héieren huet)* Ganz dovunner ofgesinn, dass dës Bemierkung méi frech war a maer Aech all Ament fristlos aus dem Haus geheie kënnen, passt op meng schmuel Hëft jo sécher méi wéi just eng Schmier. Gell Willi?

**Willy:** Méi wéi eng schmier. Richteg Thekla. Sécher e ganzt Bauerebrout.

**Thekla:** Sou,wéi meng der, dass et elo weidergoe sollt? Wéi waer et dann mat schaffen?

**Demy:** Maer hun am Ablack kee Geld. Mee sécher kréie maer dat schonn iergendwéi hin.

**Fabien:** Genee. Maer 2 siche schonn zënter ... WOCHEN all Dag stonnelaang no enger Schaff, mee sou laang maer näischt Passendes fonnt hunn, kënne maer och kee Loyer bezuelen

**Thekla:** Ma da maacht dach, dass et passt

**Fabien:** Ech méien Aech dach di eng an di aner Kéier de Wues.

**Thekla:** An domadder wëll der Aer Loyerschold bezuelen?

**Fabien:** An ... d'Waasserleitung, déi ech Aech di lescht Woch gefléckt hunn, wëll aere Mann näischt dovunner versteet ... dat hunn ech och gratis gemaach. Do hait ech och 50 Euro froe kënnen.

**Thekla:** *(ironesch)* Jo sécher. A ween bezilt maer den Installateur, deen 3 Stonne gebrauch huet fir no AERER Reparatur di ganz Niagara-Fäll nees dréchen ze leeën?

**Demy:** Hähähä --- Dilletenat.

**Fabien:** Hhmmm ... deet maer leed *(zum Demy)* an DU laach net!

- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -

Leseprobe: Verlagsverband

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

**Thekla:** Haer Hartert – Haer Aschmann. Passt op: Maer ginn Aech nach 2 Wochen. Sollt bis dohin net wéinstens een eng Aarbechtsplaz noweise kënnen oder der hutt net EN Deel vun aere Loyersscholden bezuelt, da kënnegen maer Aech direkt. Ech hoffen der hutt dat verstanen.- war ech gudd esou Willy?

**Willy:** Ganz besonnesch gudd, Thekla.

**Fabien:** Madame Meyer ... 2 Wochen – dat ass ....

**Thekla:** *(iwwerleet kuerz)* --- einfach fein vun eis. Eng Woch sollt och duergoen – Daer hutt vollkommen recht - Also, di nächst Woch ëm di selwecht Zäit, si maer nees hei. Gell Willy?

**Willy:** Nees hei, richteg Thekla. *(béid sinn schonn un der Dier)*

**Demy:** (an de Fabien si geschockt iwwer dëst Ultimtium. Geet hir no a wëll hir d'Meenung soen) Daer ...

**Thekla:** Jo? Wollt Daer nach eppes soen Haer Hartert?

**Fabien:** (*muss den Demy zeréck halen, dann asiichteg)* Nee dat wollt hien net. Et ass alles an der Rei Madame Meyer. Di nächst Woch ëm des Zäit gesinn maer eis nees erëm - Entweder mat engem Beweis, dass maer schaffen, oder dass maer de Loyer bezuelt hunn.

**Thekla:** Sou ass et richteg. A Jo wat ech nach soe wollt: Vu eisem Meedchen, dem Carole, looss der Aer Fangeren, héier der?! Jo jo, der braucht net esou domm ze kucken. Daer sidd nach jonk. Och wann der am Ablack kee Geld an aerem Portmonnie hutt... do reegt sech dach sécher heiansdo eppes an Aerer Box?

**Fabien:** Madame Meyer, dat denkt der blouss vun eis?

**Thekla:** Eist Meedchen huet nach net dee richtege Mann fir un hirer Säit fonnt, mee dat ass mat Sécherheet kee vun Aech. Dat ass esou sécher wéi d'Amen an der Kirch, Gell Willy?

**Willy:** d'Herrlechkeet an Éiwegkeet an esou., Amen.

**Thekla** Sou, *(un der Dier)* komm Willy, dat misst elo fir d'éischt genuch sinn

**Willy:** Jo, Thekla, DEENEN hunn ech awer elo emol richteg meng Meenung gesot gell *(dréit sech nach eng kéier zu deenen 2)* Da wësst der et.... mat EIS leet esou séier keen sech un. *(dann och fort, dem Thekla hannendrun, Dier zou)*

**Szeen 3 - Fabien, Demy**

**Demy:** Fabien Aschmann! Hues du eigentlech e Rass an der Schossel? Wéi kanns du dech op esou en Deal aloossen? Wéi solle maer wgl. an enger Woch un dat Geld kommen oder e neien Job fannen, wa mer elo eréischt virun 10 Minutten mat der Sich ugefaangen hunn.

**Fabien:** Wat solle maer a soss maachen, di Fra ass äiskal, déi drot eis net nëmmen, déi geheit eis wierklech eraus wa maer näischt maachen. Mat hirem MANN géife maer eens ginn. Deen huet souwisou näischt ze mellen

**Demy:** Maer hunn et awer mat der Madame Meyer ze ginn. Ma da streng emol däi Gehier un a fann eppes. DU hues dech jo schliisslech op den Handel agelooss.

- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -
Leseprobe: Verlagsverband

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

**Fabien:** Ech muss fir d'éischt emol eppes iessen. Da kann ech besser denken (*geet no riets for, d'Dier bleift op)*

**Demy:** Eppes iessen? Ma da kann ech him "Bonne chance" bei der Sich wënschen. *(kuerz Paus)*

**Fabien:** *(streckt de Kapp aus der rietser Dier eraus)* So, d'Deckele vum Jughurt sinn esou komesch bombéiert. Huet dat eppes ze bedeiten? Explodéieren déi geschwënn?

**Demy:** Du hues nach Jughurt am Frigidaire fonnt? Ech mengen den hunn ECH virun 6 Woche kaf. Iess deen am beschte net. Mat enger Liewensmëttelvergëftung sinn eis Chancen Geld ze verdéngen jo NACH méi kleng.

**Fabien:** *(kënnt zeréck)* Jo ech mengen dat ass esou besser.

**Demy:** Tja, an elo? Näischt fir z'iessen, D'Kënnegung am Nak, kee Geld op der Bank, keen Euro am Portmonnie .... Maer hu just nach Toastbrout an Toilettëpabeier

**Fabien:** Ma ëmmerhin. A Rou kacke kënne maer wéinstens. *(hëlt sech en Toastbrout aus der Tut an ësst dat)* Allez weider. *(hëlt nees säin Handy, da schellt et nees un der Dier)* Oh neeeeee..... Gees du dës Kéier?

**Demy:** *(reegt sech schonn nees op)* Wann dat nees d'Madame Meyer ass, da garantéieren ech fir näischt méi. *(geet "gelueden" un d'Dier)*

**Fabien:** (*rifft him no)* Wann dat se nach eng Kéier ass, da gëss der hir béid Jugurten. Villäicht hu maer Gléck a da geet se nees. Hähähä.

**Szeen 4 - Fabien, Demy, Jennifer**

**Demy:** *(kënnt zeréck mam Jennifer)* Et ass just d'Jennifer.

**Jennifer:** *(kënnt eran. Si ass schick, an awer leger gekleet, si huet eng Tut vum Bäcker mat 2 Berliner an der Hand)* Moien? "Just"? Ma merci awer.

**Fabien:** *(freet sech)* Hey, Salut. *(geet bei et a kësst et)* Schéin, dass de hei bass.

**Demy:** *(konzentréiert sech op d'Tut)* ÄH... wat ass dann do .... also ....

**Jennifer:** O. Ech duecht der hutt guer keen Appetit, mee ech hunn frësch Berliner fir bei de Kaffi bruecht.

*(Den Demy rappt d' Tut u sech. En hëlt ee Berliner eraus a schléngt en erof)*

**Fabien***: (an d'Jennifer staunen net schlecht iwwert den Demy)* Wéi kënns Du eigentlech dorobber, dass maer Honger hunn? *(hëlt direkt och e Berliner an ësst och séier, manner schëtzeg wéi den Demy)*

**Jennifer:** Ech hat eigentlech geduecht, dass maer et eis bei engem Kaffi gemittlech maachen an do d'Berliner iessen.

**Demy***: (hëlt sech schonn deen 2ten, mat vollem Mond)* Kaffi? Bei eis? Hähä ... dreem weider.

**Jennifer:** Wat?

- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

**Fabien:** MOMENT! Du ëss elo net 2 vun deenen. Zeréck domadder an d'Tut Allez.

**Demy:** *(motzt, mécht et awer)* Hmmmmmmm

**Fabien:** A Kaffi ... Jennifer, weess de ... d'Meyer hunn elo leider grad eise lescht Pond Kaffi ausgeléint. An, äh, an eiser Këscht ass och näischt méi. Weess de ech hunn eng Kéier gelies, dass Kaffi guer net gudd fir den Teint a fir de Bluttdrock ass.

**Jennifer:** Ech hunn Aech scho verstanen. Sou ganz vu gëschter sinn ech  jo och nees net. - Ah, ech kéint eleng gudd Taass Kaffi gebrauchen. D'Uni huet mech haut nees esou richteg fäerdeg gemaach.

**Fabien:** Wat war dann esou schlëmm?

**Jennifer:** O, ech weess och net. Am léifsten géif ech mam Cours ophalen. Villäicht sinn ech dofir net clever genuch. Ganz dovunner ofgesinn geet et maer esou lues op de Geescht, dass ech nach ëmmer doheem bei de Mamm wunnen. Fabien am léifste wéilt ech mat Daer zesummewunnen.

**Fabien:** *(iwwerrascht)* Du wéilts wierklech mat maer ...

**Demy:** Hey. Ech plënnere net vun hei.

**Jennifer:** Beroueg dech Demy. Ech duecht jo och net un dës 40 qm Luxuswunneng hei um iewescht Stack. Ech als Student an de Fabien ouni Aarbecht ...

**Demy:** Jennifer, dreem weider. Maer maachen dat och. Ausserdeem kéints du mat engem Job niewebäi och nach Geld verdéngen. Et gi Studenten déi maachen dat.

**Jennifer:** Ma DAT seet maer grad dee Richtegen.

**Demy:** Ma leck mech dach .....

**Fabien:** Demy hal einfach däi Mond.

**Demy:** *(aaft)* Nänänänä ... Ech loossen Aech jo schonn aleng. *(geet riets vun der Bün, léisst d'Dier allerdéngs op)*

**Szeen 5 – Fabien, Jennifer**

**Fabien:** Jennifer, weess de – ech freeë mech. Well ech hat maer schonn agebilt, dass du mat eis Schluss maache wéilts, na ja, well ech eben kee Geld a keng Aarbecht hunn. A ganz dovunner ofgesinn.... Du weess, wat deng Mamm dovunner hält, dass du an ech ....

**Jennifer:** Jo meng Mamm, komm maer schwätze net vun hir.

**6 Szeen - Fabien, Jennifer, Demy**

**Demy:** *(streckt de Kapp eran a stëppelt*) Ähm ... ech hunn do eng gudd Iddie: Ech siche maer och eent wat finanziell schlecht drun ass. A si maer de geilt Quartett. Hähähä ...

**Fabien:** *(geet rosen op en zou, dréckt en an d'Zëmmer a mécht d'Dier zou)* Du nervs,

- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -

Leseprobe: Verlagsverband

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

**Szeen 7 - Fabien, Jennifer**

**Fabien:** *(rifft duerch di zouen Dier)* An du pass besser op wat s de sees. D'Jennifer huet sécher eng grouss berufflech Karriäre viru sech *(geet dann nees zum Jennifer)* Et deet maer leed, mee den Demy ass einfach heiansdo onméiglech.

**Jennifer:** Dee sollt endlech emol eppes u sengem Liewen aneneen. Ech versti guer net fir wat s du Daer iwwerhaapt esou eppes undees. Dee lieft op DENG Käschten, dee Lidderhanes..

**Fabien:** Jo, du hues jo recht. Den Demy ass de faule Sack. An ech weess och, dass et esou net weidergoe kann.- Mee hien ass nun emol mäin eenzege Kolleeg.

**Jennifer:** Jo, op ESOU e Kolleeg kéint ECH verzichten

**Szeen 8 - Fabien, Demy, Jennifer**

**Demy:** *(kënnt an dësem Ament spontan nees eran, en huet en Apel an der Hand a seet zum Jennifer)* Dat hunn ech héieren. Villmools merci, du Monster (bäisst e Stéck vum Apel a léisst sech nees an d'Fotell "falen") Ausserdeem, bass DU héi just op Besuch an ECH wunnen hei. Et gëtt also keng Ursaach firwat ech an d'Kiche goe soll.

**Fabien:** Wouhier hues du dann deen Apel?

**Jennifer:** Also wierklech. Steet hannert der Dier a lauschtert no. Also lauschter elo gudd no Demy Hartert ....

**Fabien:** *(verdréint d'Aen séier)* Halt op mat streiden. Demy, d'Jennifer huet dach recht, an net nëmmen du muss endlech eppes maachen – ECH muss och eng Aarbecht fannen. Am beschten nach haut. Jenny – Du hues jo guer keng Anung wéi et grad ëm eis steet. Maer wëssen wierklech net méi weider. Hues du eng Iddie?

**Demy:** Genee. Du studéiers dach. a Studentinne sinn dach schlau. Oder ass dat bei der anescht Madame Jennifer Boden?

**Jennifer:** *(kuckt e rosen un)* Lo wëll ech der emol eppes ....

**Fabien:** *(séier)* Maer hunn en Ultimatum vun de Meyers krut. Maer mussen hei eraus wa maer endlech eis Scholden bezuelen.

**Jennifer:** Der hutt bei deene Scholden?

**Fabien:** Jo. Dofir brauche maer eng Aarbecht. Direkt. Den Demy ass e schwierege Fall. Den huet keng Ausbildung an huet eigentlech och nach ni enzwousch anescht geschafft. An ech war virun Wegener & Associé op der Schmelz. Mee dovunner hu maer hei an der Géigend just ee Betrib. Ech sinn net ganz domm a kierperlech fit – mee leider sinn ech net fir vill Plazen gëeegent. Maer hu virdrun no Plaze gesicht – mee dat ass net esou einfach.

**Demy:** Genee esou ass dat. An elo ass et vun Daer mat engem schlauen Tipp, Lady Boden.

**Jennifer:** Demy wéinst denger zerbriechen ech maer sécher net de Kapp. Géi dach op de Strich wann der näischt Besseres afält.

**Demy:** Hahaha ... ganz witzeg Obwuel. Wee kéint bei mengem Adonis-Kierper Nee soen (*fiert sech mat den Hänn iwwert de Kierper)*

Leseprobe: Verlagsverband

- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

**Jennifer:** Lo muss ech geschwënn laachen. *(mustert en vun uewen bis ënnen)* Nu jee. *(weist op säi Bauch)* Waren et déi Bourrletë wéinst deenen d'Rosa dech verlooss huet?

**Demy:** Nee, dat war de Speck selwer, de leckere Schnitzel an de Wierschtchen vum Metzler vu Stengefort, wéint dat et ma maer Schluss gemaach huet.

**Fabien:** *(gëtt dem Jennifer den Handy)* Hei, den Internet ass voll mat fräie Plazen, mee bis ewell war näischt do wat fir EIS a Fro komme kéint.

**Jennifer:** *(kuckt drop a liest)* Gabelstapeler zu Leideleng, Diplom- Ingenieur zu Mamer. Veterinaire zu Bascharage, Coiffeur zu Useldeng. Massage Salon sicht jonke, männleche Masseur ...

**Demy:** Jonken männleche Masseur?

**Fabien:** *(muss laachen)* Jo dat wier et. De ganzen Dag jonk knackeg Faren duerchknieten. Schued, dass maer net esou eng Ausbildung hunn.

**Jennifer:** *(schléit hien am Spaass)* Hey, ... kéint dat der gefalen?

**Demy:** Jo maer och. Jonk, schlank, wuelgeformte Kierper upaken de ganzen Dag – och de Busen ... wee wëll dat net?!

**Jennifer:** Do kommen och déck al, onattraktiv Fraen bei deen alles hänkt der Dreemerten.

**Demy:** Ma an wann d'Pai stëmmt ... e grousst Handduch iwwert d'Gesicht an hoffen, dass di Stonn séier eriwwer ass. Wann een esou eppes selbststänneg maache kéint, kéim sécher vill Geld eran. Genau wéi an esou engem Horizontale Geschäft. Hähähä ....

**Jennifer:** Jo, da schaff dach als Callboy. Dat hunn ech der dach scho virdrun proposéiert. Wou wëlls du dech dann histellen?? Bei d'Gemeng op de Parking a wat kascht eng Stonn bei der? 20 Euro? Oder méchs de et och fir manner?

**Demy:** Ganz witzeg. *(ironesch)* Schwätz du maer ëmmer dovunner an ech maachen et. Mee fir ënner 100 € krit keen mäi geile Body.

**Fabien:** *(ass roueg, iwwerleet a lächelt)*

**Jennifer:** Wat steet dann hei? (*kuckt op den Handy)* Hmm .... Schweesser gesicht zu ... Ëlwen. Fabien, dat wier dach eppes fir dech. Mee méi wéi 75 km.

**Fabien:** Eben! *(et schellt un der Dier)* Oh nee... wien dat schonn nees ass *(geet liicht genervt no hannen an de Gank a mécht d'Hausdier op a scho "rauscht")* ....

**Szeen 9- Fabien, Jennifer, Demy, Hélène**

**Hélène:** *(..... an d'Zëmmer. Si ass eng decidéiert Fra, a schick geschminkt, Et gesäit en am Dialog an och an der Mimik, dass Jennifer d'Verhalen vun hirer Mamm als "iwwerdriwwen" gesäit)* Ahaaaa..... DAT hunn ech maer jo scho bal geduecht. Ech konnt maer denken, dass de hei bass.

**Jennifer:** *(hat nach weiderhin um Handy gesicht)* MAMMA, wat méchs DU dann hei?

**Fabien:** *(kënnt elo och vun hannen derbäi. D'Hélène hat him keng Geleeënheet ginn fir "Moien" ze soen)* O, Moie Madame Boden.

- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -

leseprobe.Verlagsverband

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

**Hélène:** Jo jo. *(kuckt sech ëm)* Oh Gott, wéi dat hei ausgesäit ... dat ass jo eekelech. Ech verstinn net fir wat s du ëmmer nees heihinner wëlls.

**Jennifer:** Ëmmer nees heihinner wëlls? Wat soll dat heeschen. Ech kennen di 2 schonn zënter laangen a versichen hinnen elo ze hëllefen, fir dass si en Aarbecht fannen.

**Hélène:** Pah. An dat muss du fir di 2 Loser reegelen?

**Jennifer:** Firwat da net. Wat reegs du dech eigentlech esou op?

**Hélène:** Well vill Kontakt tëschent 2 verschidde Geschlechter och ëmmer bedeit, dass iergend eng Kéier Gefiller mat an d'Spill kommen. An ECH als deng Mamm, wëll kee du DEENEN 2 als Eedem hunn. War dat kloer genuch? *(et schellt nees un der Dier)*

**Fabien:** Hei geet et jo zou wéi an engem Dauweschlag *(nees no hanne fort)*

**Jennifer:** O MAMMA. Dat ass ESOU peinlech wéis du hei optrëts.

**Demy:** Villäicht brauch deng Mamm nees e Kärel un hirer Säit. Ech hunn emol gelies, dat géif heiansdo Wonner wierken.

**Hélène:** Also, dat ass jo di gréisste Frechheet déi ech bis ewell héieren hunn. A wat däi Papp betrëfft, dat geet kengem eppes un- an op AER Meenung Haer Hastert ass maer esou eppes vun egal

**Demy:** Jojo, ech menge jo just *(betount)* MADAME BODEN!

**Szeen 10 - Fabien, Jennifer, Demy, Hélène, Thekla**

**Thekla***: ("rauscht" och eran, huet e puer Ziedelen an der Hand an e Saz Schlësselen, hir no kënnt de Fabien)* Nee, nee, nee dat kann NET waarden. Och den Decompte gehéiert do derzou (*gesäit de Besuch, e bësse méi frëndlech)* O, der hutt Besuch?! Moien alleguer

**Jennifer:** Moien.

**Hélène:** *(éischter kuerz)* Moie Madame Meyer.

**Thekla:** Wat verschléit dann d'Mamm an d'Meedche Boden heihin?

**Hélène:** Ech wëll net taktlos sinn. Mee ech weess net ob dat AECH eppes ugeet wann aere Locataire Besuch huet.

**Thekla:** Hujee, lo sidd net knoutersch. Sécher geet dat mech näischt un. Ech froe jo just.

**Fabien***: (liicht generft)* Jo, a soss nach eppes Madame Meyer?

**Thekla:** Jo wéi ech scho virdrun gesot hunn, zu den 3 Méint Loyer, wou der hannendran sidd, gehéiert och den Decompte zu eisem Ofkommen. Daer musst 134 Euro a 66 Cent nobezuelen. Tja, wann een all Mount nëmmen 20 € Chargen bezilt, da muss ee sech net wonneren. (*leet den Decompte op den Dësch)* Mäi Mann an ech erwaarden dann dat ganzt Geld. Loyer fir 3 Méint AN den Decompte a 7 Deeg! Oder eng Schaff noweisen.

**Demy:** *(zum Thekla)* Ma maacht direkt eng Annonce an d'Zeitung – da weess muer jiddereen am Duerf Bescheed.

Leseprobe: Verlagsverband
- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

**Hélène:** Kuck do, dat duecht ech maer schonn-. Héich Scholden hunn di Fatzerten. An hei hält sech mäi Jennifer permanent op. Ech sinn entsat.

**Jennifer:** MAMMA!

**Hélène:** Eng Schan ass dat. Wat hunn ech verbrach, dass ech esou bestrooft ginn?

**Thekla:** A, dofir si der hei Madame Boden? Dat ass jo interessant. Di 2 Herrschaften passen net esou richteg an äert perfekt Familljebild. Dat kann ech maer gudd virstellen. Ech sot deenen 2 och schonns se sollen d'Fangeren vu mengem Carole loossen.

**Hélène:** Sou, sou.

**Thekla:** A wann ECH eppes soen, da seet dat jiddereen. Mee bei AECH ... nujee, sou ganz aleng, ech mengen sou ganz ouni aere Mann un der Säit, do wiisst engem dat sécher esou lues iwwert de Kapp, ech mengen dat ganzt verhalen vun Aerer Duechter.

**Hélène:** MADAME Meyer, lo verléiert awer net Aer Etiquette. Daer hutt d'Rechnungen heihinner bruecht a MAER sinn op Besuch. Eigentlech kënn der elo nees erof an AER 4 Mauere goen. Mee wat wonnert dat mech?! Di Wieder "Taktgefill" a "Manéieren" waren Aech nach ëmmer friem.

**Thekla:** Tssss. Zënter Aere Mann Aech verlooss huet, kann ee keen seriöt Wuert méi mat Aech schwätzen *(leet den Decompte an och de Saz Schlësselen op den Dësch)*

**Fabien:** Leit, muss dat elo hei bei eis sinn?

**Demy:** Eben. Dat heiten ass EIS Wunneng. Kënn der net enzwousch anescht diskutéieren?

**Thekla:** *(an d'Hélène zesummen däitlech)* NEE, DAT KËNNE MAER NET!

**Demy:** *(steet op)* Nee, dat dinn ech maer net un. *(no riets fort, d'Dier bleift op)*

**Szeen 11 - Hélène. Thekla**

**Hélène:** Jennifer, dat ka jo wuel net sinn. Komm direkt heihin.

**Thekla:** *(héiert dat guer net)* Ass aere Jean-Michel eigentlech ëmmer nach an Indien? Dee war dach virun 3 oder 4 Joer dohinner gaang. Wollt hien net an de Sivanda Ashram, fir do säi Charma néi ze uerdnen a sech selwer nei ze fannen?

**Hélène:** Mäi Mann huet eng Auszäit gebrauch an e wäert sécher geschwënn erëmkommen.

**Thekla:** En huet eng AUSZAIT gebrauch? VEIER Joer? Vun Aech? Hähähä - Gleeft weider aeren Dreem Madame Boden Dat ass esou wichteg, dass ee fest dorunner gleeft. Hu der dann an de leschte Méint eppes vun him héieren? Hat hien eng Kéier ugeruff oder geschriwwen?

**Hélène:** KEE Kommentar.

**Thekla:** Ech hunn eng Kéier gegoogelt. An deenen Tempelen soll et héich hir goen. Virun allem liewen se do ouni Hemmungen hiert ... nu jee .... hiert Liebesliewen. Wee weess mat wéivill Fraen aere Jean-Michel et zugläich dreift. Ech hu mech nach gëschter mam Sylvie Molitor mann doriwwer ënnerhal.

Leseprobe: Verlagsverband

- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

**Hélène:** O Daer onverschimmte Persoun. Verbreet der et roueg am ganzen Duerf. Mee esou taktlos sinn ech net. Oder géif et Aech gefalen wann ech de Leit erziele géif, dass der dat lescht Joer bei engem Seniore Schéinheetwettbewerb Deel geholl hutt.

**Thekla:** *(fillt sech ertappt)* O, dat wësst der?

**Hélène:** Majo sécher. Bis ewell hunn ech just fir mech gehal, dass der gemengt hat do di éischt ze ginn, fir 5000 Euro Präisgeld ze kréien, well der domadder di nächst Woch Aer gëllen Hochzäit finanzéiere wollt.

**Thekla:** Ma jo, dat war ...

**Hélène:** dat wat ze schéin wéi ech héieren hunn, dass der vun 12 Participanten di lescht gouft an ALS TROUSCHTPRÄIS ENG Kaffismaschinn krut.

**Thekla:** Derbäi sinn ass alles, oder net?

**Hélène:** Dat ka sinn, mee ech halen doriwwer de Mond. Ech si net esou wéi Daer.

**Thekla:** DAER hutt ,mat iwwer 40 Joer nach e Kand krit, äert Jennifer. Mat IWWER VEIERZEG. Igitt kann ech do derzou just nach soen. Ass dat eekeleg.

**Hélène:** Mäi Jean-Michel war eben och am Alter nach potent. Si der neidesch Madame Meyer well aeren Willy dat net méi bréngt.

**Thekla:** (méi haart wéi virdrun) Lo maacht awer emol e Punkt, Daer al Schrull. Kee beleidegt mäi Willy. An Der scho guer net.

**Hélène:** Der hutt jo elo awer wierklech net al Schrull gesot.

**Thekla:** Der hutt richteg héieren.

### Szeen 12 – Hélène, Thekla, Fabien

**Fabien:** *(kënnt schëtzeg zeréck, däitlech)* Meng Damen, lo geet et awer duer. Egal op den Demy an ech spéider bezuelen oder net, dat heiten ass EIS Wunneng. A maer musse net toleréieren, dass Daer 2 openeen lass gitt, *(mécht d'Hausdier op)* also!

**Thekla:** Jo, jo, ech si jo scho fort. Et ass souwisou ënnert mengem Niveau mat döser Persoun ze schwätzen. E Kand mat IWWER 40 soen ech just *(schonn um Wee fir fort)*

**Hélène:** DI LESCHTE PLAZ beim Schéinheetsconcours ass meng Äntwert. *(hir no)*

**Thekla:** *(bal dobaussen )* Geschwënn kritt der eng.

**Hélène:** *(kuckt vum Gank nach eng Kéier zur Dier eran)* Jennifer. Hoffentlech bass de geschwënn hei.

**Thekla:** *(vun hannen)* IWWER 40 IGITT. *(De Bond mat de Schlësselen huet et vergiess)*

**Fabien:** Raus elo *(dréckt d'Hélène eraus a mécht séier d' Dier zou, kënnt zeréck a keimt)* Boah eh .... *(rifft)* Sou lo sinn se fo ....rt.

**Hélène:** *(vun hannen)* DI LESCHTE Plaz.

- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -

Leseprobe: Verlagsverband

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

### Szeen 13 - Fabien, Demy, Jennifer

**Demy:** *(kënnt nees vu riets op d'Bün, d'Jennifer hannendrun)* Et kann een et bal net gleewen, wat een hei alles matmaache muss.

**Jennifer:** Zënter de Papp an Indien gaangen ass, ass d'Mamm net méi fir auszestoen.

**Demy:** Komm maer vergiessen einfach di lescht 10 Minutten.

**Fabien:** Genee. A wat däi Papp betrëfft ... deet maer leed. An äh ... solls de net besser denger Mamm nogoen?

**Jennifer:** Firwat dat? Looss eis emol fir d'éischt iwwerleeën, wéi et mat Aech weidergoe soll.

**Fabien:** Ahm ... jo dat kënnen maer gäre maachen, mee .... äh Demy .... maer hunn dach elo geschwënn dëse Rendez-vous.

**Demy:** Hä?

**Fabien:** Jo, dëse Rendez-vous bei ..., bei äh .... Leon Unsen.

**Demy:** Hä?

**Fabien:** Jo, eh. *(en ass op emol presséiert fir dem Jennifer senger lass ze ginn)* Also Jennifer – et ass net, dass maer gären denger lass wären mee den Demy an ech mussen eis elo geschwënn op de Wee maachen a maer hu keng Zäit méi fir dech. De Léon plënnert haut a maer sollten him beim Plënneren hëllefen.

**Demy:** *(anungslos)* De Léon Unsen plënnert? Dovunner weess ech näischt ...

**Fabien:** *(séier)* Jooo!!!! Has Du Dëlpes dat da scho nees vergiess?

**Jennifer:** Wierklech? E Kolleeg vun Aech plënnert an e fänkt elo eréischt, am spéiden Nomëtten, domadder un?

**Fabien:** Tja ... jiddereen esou wéi hien et wëll gell? *(kuckt op seng Auer)* Maer sollten eigentlech scho längst do sinn. Jennifer, ass et an der Rei, dass maer herno mateneen telephonéieren?

**Demy:** Just zur Info. Et si just nach 85 Cent op denger Prepaidkaart.

**Fabien:** Dat ass interessant, du kenns dech mat mengem Handy jo besser aus, wéi mat dengen.

**Jennifer:** O, dat ass jo schéi blöd, wann der elo fort musst.

**Fabien:** Jo sou ass et nun eben . Bis der jee *(komplimentéiert et schonn eraus)*

**Jennifer:** Tja ech kann et net esou richteg gleewen. Mee ech wëll Aech net ophalen.

**Fabien:** Jenny, dat ass wonnerbar *(gëtt him séier e Kuss op de Back)* Maer gesinn eis. *(huet di hënnescht Dier schonn opgemaach)* A Merci fir d'Berliner, Äddi.

**Jennifer:** Deen 3te Berliner ass NET aleng fir den Demy gell? *(rëselt de Kapp verständnislos)* Äddi dann. *(fort, de Fabien mécht d' Dier zou)*

Leseprobe: Verlagsverband

- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

**Szeen 14 - Fabien, Demy**

**Demy:** So emol, hues du se nach all. Wat soll dat mat deem Plënneren?

**Fabien:** *( geet bei en, ganz euphoresch)* Demy pass op. Ech hunn eng mega geil Iddie. An dofir kënne maer d'Jennifer hei elo grad net gebrauchen. D'Jennifer ass e Schatz, hat huet dach mat der de Geck gemaach, dass du op de Strich goe solls, ech wier selwer net op esou eng Iddie komm.

**Demy:** Hallo? Wat fir eng Iddie?

**Fabien:** Ma iwwer eis berufflech Zukunft. Demy, denk emol no,op wat fir en Iddie d'Jennifer eis hei virdrunner bruecht huet.

**Demy:** Denk, denk .... ech kommen net drop.

**Fabien:** Ma, vu wat hu maer da virdrunner geschwat? Et ass eng Mart-Lück, déi d'Männer zoumaache kënnen. Well dat ass fir d'Mënschen villäicht genau esou wichteg wéi iessen an drénken.

**Demy:** *(iwwerleet kuerz)* Fussball!

**Fabien:** Nee Léift, Sex, Kontakter, du Topert. Näischt ass méi schlëmm wéi Elengsinn.

**Demy:** Méiglech. Mee wat huet dat mat eisem Job ze dinn?

**Fabien:** Maer liewen an enger Zäit, di eis di modernsten Technik bitt. Di meeschte Leit léieren sech iwwert den Internet kennen. Mee di aner... wat mengs de wéivill Leit si verzweifelt a sichen net no enger Bezéiung. Si wëlle just heiansdo ee fir ze schwätzen a fir sech gudd ze fillen. Fir e puer Stonnen hiert Elengsinn vergiessen, Gesellschaft fir en Owend.

**Demy:** Hmmmm ...

**Fabien:** Ganz ouni Verpflichtung a Bezéiungsdramen. An dat gëllt net nëmmen fir d'Haeren vun der Schöpfung, dat kanns de maer gleewen.

**Demy:** A wat hu maer domadder ze dinn?

**Fabien:** Vill Leit hu Problemer. Wann d'Bezéiungen an Bestietnisser ageschlof sinn, sichen se no enger Ofwiesslung. Wat mengs de wéivill Fraen dovunner dreemen emol mat engem Mann zesummen ze sinn deen hir e bësse Gebuergenheet gëtt. Och wann dat just fir eng Stonn an engem Bistro ass. An dofir bezuelen d'Leit esouguer vill Geld.

**Demy:** Wierklech? *(begräift esou lues)* Moment emol. Verstinn ech dech richteg? Du schwätz hei vun engem speziellen Service? A MAER kéinten deen ubidden?

**Fabien:** Genee. Nenne maer dat emol Escort-service " Deluxe" oder esou..

**Demy:** Vreck, dat ass krass. A wéi soll dat goen?

**Fabien:** Dat weess ech och nach net. Op alle Fall kéinte maer mat esou enger Deschäftsiddie gutt verdéngen - wann een dat richteg opzitt.

**Demy:** An dat solle MAER maachen? Du mengs dat jo elo sécher net eescht?

- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -

Leseprobe.Verlagsverband

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

**Fabien:** Firwat net? Kann ee méi einfach Geld verdéngen? Frae schwätze gär. Déi mussen hir Suerge lass ginn, sech Loft maachen. An de Géigeniwwer muss ëmmer Verständnis weisen. An dat maachen di meescht Fraen net gären an enger Therapie. E Mann dee gudd ausgesäit, dee nolauschtert huet eng Fra munchmol léiwer wéi di beschte Frëndin. An dofir brauche maer just e flott ageriichten Zëmmer, wou eis Clientèle sech wuel fillt – méi net.

**Demy:** Du hues se net méi all. An éischter Linn wëlle Fraen eppes optesch Feines, nämlech dat wat se doheem net hunn. Kuck dech emol. Gesäis du aus wéi e Model fir Slippen a woumadder wëlls de de Loyer fir eng 2t Wunneng bezuelen wou d'Fraen op Besuch kommen, wanns de net emol di heite bezuele kanns?

**Fabien:** Lo iwwerdreif emol net. Maer 2 sinn keng Adonisser, mee optesch gesi maer eenegermoossen aus. An eng 2t Wunneng brauche maer net. Di heite geet dofir duer. Maer mussen se just nach e bëssen oppäppelen. A wat eis Clientèle betrëfft, nujee mer mussen mat all Fra frëndlech sinn, egal op al oder jonk – ob attraktiv oder ob se ausgesäit wéi en agedréckte Margarinebecher.

**Demy:** O, mee wat musse maer genee maachen?

**Fabien:** Maer musse Matgefill a Versteesdemech weisen. De Frae Komplimenter maachen, och wa se eng kromm Nues hunn. Maer bidden de Begleetservice fir Fraen un. Wa si zu enger Party invitéiert sinn an net aleng dohinner wëllen, oder just an engem Bistro mat engem schwätze wëllen, oder villäicht nach ....

**Demy:** Eben! “oder villäicht nach” dat ass et dach!

**Fabien:** Nu jee, wann eng Fra gären ier d'Genéck oder hir Schëllere masséiert wëll hunn, da soll dat kee Problem fir eis sinn. Ëmmerhin däerfe maer jo och de Präis do derfir bestëmmen.

**Demy:** Ech mengen dat kann ech net. Wann ech dorunner denken, dass ech Fraen, wéi der Madame Meyer, d'Schëllere masséiere soll, dann ass maer elo scho schlecht.

**Fabien:** Maer kënnen et dach probéieren. Obwuel, e Kniggekuer op “Youtube”, wier fir dech sécher vu Virdeel.

**Demy:** Blödian! Hues du eigentlech schonn dorunner geduecht, wat s du dem Jennifer domadder undees.

**Fabien:** Ech gi jo net friem. Dat ass Aarbecht. Bei eis geet et em d'Iwwerliewen. Maer hunn en Ultimatum deen a 7 Deeg ofleeft. Scho vergiess?- Ausserdeem, wat ass da schonn derbäi wann ee sech mat enger Fra frëndlech ënnerhält. Hei geet et jo net ëm eescht Gefiller, Léift oder esou eppes. Maer gi jo net mat de Fraen an d'Bett.

**Demy:** Hhhmmm ... A wéi wëlle maer fir des Aktioun Reklamm maachen?

**Fabien:** Ma um Internet – op de Kontaktsäiten. Mee ier maer dat maachen ... stell dech emol riicht dohin. Allez maach schonn.

**Demy:** Fir wat? *(stellt sech net gären an d'Mëtt vun der Bün)*

**Fabien:** Ech muss kucken, ob et wierklech mat der Sënn mécht. *(mustert en)*

**Demy:** Villmools Merci. MECH musteren, An DU bass de Superman, oder wat?

- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -

Leseprobe. Verlagsverband

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

**Fabien:** (dréckt dem Demy seng Äerm, dann d'Been, a pëtzt en d'Baken)

**Demy:** Hey ... geet et nach?

**Fabien:** Genau. Et geet eben net. Du muss anstänneg de Baart maachen. A benotz och After Shave. An elo déi emol däin Hiem aus

**Demy:** *(hëlt Loft, wëll scho protestéieren)* Hallo?

**Fabien:** Erof mat deem Fummel. Wa maer dat scho maachen, da musse maer och alles ginn. Frae sinn usprochsvoll.

**Demy:** *(deet net gären säin lewescht aus sou, dass ee säin plakegen Uewerkierper ze gesinn kritt.)* Wat soll dat? Ech di mech bei dësem Job sécher net aus. An iwweregens fannen ech dat onfair. Fir wat däerf ECH DECH net musteren?

**Fabien:** Et ass jo scho gudd. *(deet säin T-Shirt oder Hiem aus)* Zefridden? *(mustert den Demy)* Du muss an de Solarium. Du bass esou bleech.

**Demy:** Du gesäis och net besser aus. An e Fitnessstudio géif der och gudd doen.

**Fabien:** Dofir ass et elo ze spéit. Maer missten eigentlech esou séier wéi méiglech mat eiser Aarbecht ufänken *(geet ëm den Demy erëm)* Ech mengen mer däerfen dat woen. Maer gesinn am Fong passabel aus.

**Demy:** Ech verstinn dat ëmmer nach net esou richteg. Ech dinn bestëmmt net mäin Hiem aus wann sech eng Fra bei maer auskräische wëll.

---

*Dëst ass en Extrait aus dem Theaterstéck*
*"Wann aus Päifen Helde ginn."*

Wëll Dir dat ganzt Theaterstéck liesen?
Da bestellt dach einfach de ganzen Text als gratis Liesprouf op eiser Websäit.

**Op eiser Websäit ënnert dem Theaterstéck**
**Gréng Bestellbox: Gratis Liesprouf, kompletten Text**
**Rout Bestellbox. Di ganz Rollen**
**Blo Bestellbox: Liesprouw per Post oder Zousaatzheft zu de Rollen**

Wann Iech dat Theaterstéck gefalen huet, da bestellt dach einfach
di ganz Rollen am Internet op eise Websäiten.
www. mein.theaterverlag.de

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fersnehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

**Vertrieb**
mein-theaterverlag
41849 Wassenberg, Packeniusstr. 15

Telefon: 02432 9879280
e-mail: info@verlagsverband.de

www.mein-theaterverlag.de –www.theaterstücke-online.de – www.theaterverlag-theaterstücke.de. – www.nrw-hobby.de

- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -

Leseprobe: Verlagsverband